Walferdange
Port Payé

PS/633

WALFER FOTO-FRËNN

CLUBZEITUNG

01|15



LUC RAMPONI

Club News

1. Editorial

Et huet laang gedauert, bis dës nei Editioun vun der Clubzeitung endlech bei iech ukomm ass. Eigentlech si mer, je no Betruechtungsweis, mindestens 8 Méint iwwer d'Zäit, ma zanter der läschter Editioun diskutéiere mer ëmmer nees driwwer, ob eng Clubzeitung, déi nëmmen all puer Méint erauskënnt, iwwerhapt nach Sënn mecht a wat mer sollen dra schreiwen.

Wa mer eis déi rezent Publikatioune vun anere Fotosklibb ukucken, stelle mer fest, datt do haptsächlech mol immens vill Reklammen dra sinn, dann e puer Informatiounen zu de Clubaktivitéiten, de Programm fir déi nächst Méint, e puer Fotoe vu Memberen a vläicht nach ee méi oder wéineger interessanten Artikel iwwer Fotografie. Eenzel Klibb bidden hire Memberen zousätzlech eng Online-Versioun vun hirer Publikatioun un.

Am Fong maache mir zanter Joren genau dat selwecht. Eis Clubzeitung ass eng fotografësch Retrospektiv vun de Clubaktivitéiten a weist iwwer de Programm vun den nächste Méint op déi zukünfteg Aktivitéiten hin. Ausserdem stelle mer regelméisseg een oder zwee Clubmembere mat hiren Aarbechte fir. Säiteweis Reklammen hu mer keng an dat ass och de Grond virwat d'Qualitéit vun eiser Clubzeitung net un déi vun den den Héichglanzpublikatiounen vun den anere Klibb erukënnt. Mir sinn der Meenung, et geet och esou! Ausserdem schount et d'Ëmwelt. An d'Pdf-Versioun vu sämtleche Clubzeitungen kann op eisem Site erofgelueden, gekuckt a wann et muss sinn, och geprint ginn.
De groussen Nodeel vun enger Pabeier-Zeitung, déi nëmmen e puer Mol d'Joer eraus kënnt, ass, datt de Programm vun de geplangten Aktivitéiten, dee mer do publizéieren, ëmmer nëmmen esou fiabel ass, wéi en duerno kann agehale ginn.

Et ka virkommen, datt duerch iergendwellech Ëmstänn den ugekënnegte Programm geännert muss ginn. Esou Ännerunge ginn normalerweis direkt op eiser Internetsäit an den News publizéiert. Et ass also scho wichteg, datt zumindest déi aktiv Memberen et sech ugewinne fir regelméisseg, a besonnësch virun enger Clubaktivitéit, op eise Site kucke ze goen, ob sech eppes um Programm geännert huet.

Wat elo de Programm bis 2016 ugeet, do hu mer eng nei Clubaktivitéit virgesinn, d'Fotoanalys. Nodems mer festgestallt hunn, datt vill Memberen interesséiert dru sinn, hir eege Fotoen an déi vun de Kolleegen respektiv ze weisen, ze kucken an driwwer ze schwätzen, wëlle mer eis an de Fotoanalys-Versammlungen zesumme Fotoen ukucken, se analyséieren an eventuell Ännerungsvirschléi maachen. Et geet hei net drëm, engem Member seng Foto just schéin oder net schéin, gutt oder net gutt ze fannen, ma fir eng konstruktiv Kritik ze maachen iwwer Beliichtung, Cadrage asw.
Mir probéieren dann och all kéiers e „richtege" Fotograf fir dës Fotoanalys ze invitéieren, ma och ouni professionnelle Bäistand kann esou eng Diskussiounsronn interessant an hëllefräich sinn.
Dobäi kënnt dann och eisen neie 55" Bildschierm an den Asaaz, deen d'Fotoe wesentlech besser duerstellt, wéi eise Beamer dat jemols konnt.

Zum Ofschloss hoffen ech, datt der eng flott Vakanz hat a vill Fotoe gemaach hutt, déi mer, wann der wëllt, an enger nächster Versammlung zesummen ukucke kënnen.

Patrick Heller
President

2. Programm bis JANUAR 2016

21.09.2015: Fotopresentatioun
Vakanzefotoen a Fotoe vun eiser Visite bei der CFL

05.10.2015: Fotopresentatioun
vun der Fotoselektioun fir d'Expo „Bicherdeeg"

19.10.2015: Fotoanalys
Zesummen analyséiere mer Fotoe vun eise Memberen

09.11.2015: Foto-Aktivitéit am Studio
Mir fotografëiren Saachen déi brennen

23.11.2015: Keelenowend a Guddësch
(Datum kann nach geréckelt ginn)

07.12.2015: Fototalk
Table-ronde zu engem aktuellen Thema

21.12.2015: Aktivitéit am Studio
(gëtt nach präziséiert)

04.01.2016: Neijoerschdagspatt

18.01.2016: Foto-Aktivitéit am Studio
„Remake" vu bekannte Fotoen/Biller

Eventuell Ännerungen um Programm a méi Detailler zu den Aktivitéiten fannt der op www.wff.lu

Clubaktivitéiten déi niewt dësem Programm stattfannen, gi mat Zäit op www.wff.lu annoncéiert an d'Membere gi per Info-Mail informéiert.

Fotoë vum Raymy & Guy Rehlinger a vum Roland Muller





















Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Adeline Heiderscheid



Member zanter 2011

Ech fotografëieren zanter 30 Joer a säit 2009 ëmmer méi digital.
Meng Virléift gëllt der Natur and den Déieren an de polare Regiounen. En zweeten Deel ass d'Nuetsfotografie an d'Astrofotografie.
All Joer huelen ech un engem Stage deel fir eppes Neies auszeprobéieren oder op enger mir onbekannter Plaz ze fotografëieren. Am Laaf vun de Joeren si praktesch all Sparten vun der Fotografie un d'Réi komm, Portrait, Makro, Strossefotografie, Architektur, Aktfotografie asw.

Fotomaterial:
Canon, EOS 5D MkIII an 1Dx,
Objektiver 24mm f1.4, 24-70mm f2.8, 85mm f1.4, 70-200mm f2.8, 300m f2.8, 1.4 Konverter, 24mm TS f3.5 an 100mm Makro f2.8.





Guy Rehlinger







Clubmember Clubmember Clubmember

Numm:
Guy Rehlinger



Beruf:
Pensionéiert

Zenter 1984 am Club
(Comitésmember a membre fondateur)
Sekretär vun 1991 bis 2001
President vun 2002 bis 2014

Meng Hobbyen:
Fotografie, Reesen, Spazéiere goen

Fotomaterial: CANON EOS 7D
CANON Zoom 15-85 mm
CANON Macro Lens 100 mm
CANON Zoom 70-300 mm

Am léifsten maachen ech Fotoen an der Natur an an der Vakanz.

Visite "Wenzelswee" (Fotoë vum Patrick Heller an Roland Muller)











Redaktioun:
Patrick Heller,
Luc Ramponi
& Comité

Layout:
Luc Ramponi

Editeur responsable:

Walfer Foto-Frënn
B.P. 72
L-7201 Walferdange

www.wff.lu;
wff@wff.lu
Parution:Périodique

Copyright: WFF 2015

www.confiance.lu
AGENCE IMMOBILIÈRE
TOUSSAINT Abby
Tél: 32 81 73-1 • MERSCH

INSTALTEC
Chauffage - Sanitaire
233-241,rue de Beggen L-1221 Luxembourg
www.instaltec.lu Tél: 43 63 47-1

FERBER
hair & style
since 1928

électro - photo
schaal
mersch tel: 32 02 18

LEVYGRAPHIE
DESIGN A PICTURE